N°7579
Entrée le 09.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.02.2023

Groupe parlementaire

Transmis au Gouvernement le 08.05.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Wéi een an engem Artikel vun „L'Essentiel" vum 3. Februar 2023 noliese konnt („Ils ont parlé homosexualité avec leur Premier Ministre"), huet den Här Staatsminister am Kader vum „Model European Parliament", un deem angeblech méi wéi honnert Lycéesschüler aus zwielef Lycéeën deelgeholl hunn, geschwat.

An deem Zesummenhank hu mir folgend Froen un den Här Staatsminister:

1) Wéi eng Schüler waren op dës Veranstaltung invitéiert? Goufen dës Schüler no gewësse Krittären ausgewielt? Wa jo, no wéi enge Krittären?
2) Wéi vill Politiker ware bei dëser Veranstaltung present? Vu wéi enge Parteien?
3) Wéi eng Politiker goufen op dës Veranstaltung invitéiert, a vu weem? Goufen dës Politiker no gewësse Krittären ausgewielt? Wa jo, no wéi enge Krittären?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

Fernand Kartheiser, Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°7579 vum 8. Mee 2023 vun den honorabelen Deputéierte Fred Keup a Fernand Kartheiser

Vum 1. bis den 3. Februar 2023 huet am Forum Geesseknäppchen déi national Sessioun vum Model European Parliament (LuxMEP 2023) stattfonnt. Dëst Evenement, dat traditionell vum Lycée Aline Mayrisch organiséiert gëtt, riicht sech an éischter Linn u Schoulen aus dem EPAS-Réseau (European Parliament Ambassador School); invitéiert ginn awer och aner interesséiert Schoulen. D'Schüler setzen sech mat der Europapolitik auserneen a simuléieren d'Aarbecht vum Europaparlament.

D'Schüler, déi un dësem Evenement deelhuelen, si gewéinlech déi, déi sech an hire respektive Lycéeën an Optiounen ageschriwwen hunn, an deenen se sech mat politesch relevante Sujete beschäftegen.

Fir de Lien vum Projet zur reeller Politik an der politescher Aktualitéit ze sécheren, invitéiert de Lycée Aline Mayrisch an der Reegel och een oder zwee vun de Lëtzebuerger Vertrieder am Europaparlament; am Joer 2022 waren dëst den Här Christophe Hansen an d'Madamm Isabel Wiseler-Lima, 2023 war dëst den Här Marc Angel (deen déi Woch virdrun zum Vizepresident vum Europaparlament ernannt gouf) an d'Madamm Tilly Metz (déi leider verhënnert war). Donieft huet den Organisateur fir déi lescht zwou Editiounen och Vertrieder aus der Lëtzebuerger Regierung invitéiert, déi e Lien mat der Europapolitik hunn: 2022 den Ausseminister, 2023 de Staatsminister.

Lëtzebuerg, den 26.Mee 2023

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL